ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, fir dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Dem leschte Rapport vun der Pharmacovigilance no , sinn hei zu Lëtzebuerg, zënter dem Ufank vun der Covid-19-Impf-Campagne am ganzen 11 Mënschen un de Suite vun der Impfung gestuerwen. Weider sinn e puer honnert méi schwéier Fäll vu Niewewierkunge registréiert ginn. Dovunner iwwer honnert Hospitalisatiounen, woubäi an 18 Fäll Liewensgefor bestoung. Och Komplicatiounen bei Fraen an aneren Emstänn goufe bekannt.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wat fir eng Konklusiounen zitt d'Santé aus dem leschte Pharmacovigilance-Rapport?
2. Och wann d'Zuel vun de Niewewierkunge statistesch gesinn niddreg ass, misst et dann net awer esou sinn, datt d'Leit déi sech wëllen impfe loossen virdrunn iwwer méiglech Niewewierkungen opgeklärt ginn? Wann een e Medikament keeft läit en Ziedel dobäi, den all méiglech Niewewierkungen oplëscht. Misste virun den Impfungen d'Leit net déi selwecht Informatiounen iwwer den Impfstoff kréien dee si solle gesprëtzt kréien?
3. Wéi vergläicht sech d'Zuel vu méi schwéiere Niewewierkungen bei denen verschiddenen COVID-Impfungen mat denen rapportéierten schwéiere Niewewierkungen bei de Medikamenter? Mat wéi enge Medikamenter loossen sech dës Statistike vergläichen? Wéi gëtt et bei Medikamenter verfuer, déi ähnlech statistesch Konsequenzen kënnen hunn, wéi déi verschiddeen COVID-Impfstoffer?
4. An e puer Fäll schéngt et zu schwéiere Komplicatioune bei Fraen an aneren Emstänn komm ze sinn. Wéi wäit ass bis well etabléiert, datt déi Komplicatiounen e kausalen Zësummenhank mat der Impfung haten? Wéi eng Conclusioune mussen am Hibléck op d'Impfunge vu Fraen an aneren Emstänn gezu ginn?

5. D'Politik vun der Regierung geet duerch en ëmmer méi groussen Drock op déi ongeimpfte Leit Schrëtt fir Schrëtt a Richtung Impfflicht. Misst de Staat dann net och net eng kloer Haftung fir méiglech Impfschied iwwerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten